

**Evangelium vum Fest vun der Erhéijung vum Kräiz [14. September]  
(Joer A - B - C)**

**Joh 3,13-17**

G. *Den Här sief mat iech all.*

A. *An och mat lech.*

G. *Aus dem hellegen Evangelium nom Johannes.*

A. *Dir all Éier, Här.*

- <sup>13</sup> De Jesus sot zum Nikodemus:  
"Et ass keen an den Himmel eropgaang,  
nëmme just deejeinegen, deen aus dem Himmel erofkomm ass,  
de Mënschejong.
- <sup>14</sup> Esou wéi de Moses d'Schlaang an der Wüüst erhéicht huet,  
esou muss och de Mënschejong erhéicht ginn,  
<sup>15</sup> fir datt jiddereen, dee gleeft,  
an him éiwegt Liewen huet.
- <sup>16</sup> Den Herrgott huet d'Welt esou gär,  
datt hien säin eenzege Jong higinn huet,  
fir datt déi, déi un hie gleewen, net verluer ginn,  
ma éiwegt Liewe kréien.
- <sup>17</sup> Den Herrgott huet säi Jong nämlech net an d'Welt geschéckt,  
fir Geriicht iwwer se ze halen,  
ma fir datt d'Welt duerch hie gerett gëtt."

G. *Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*

A. *Dech, Christus, luewe mir.*